LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 7 juin 2024

**Madame Elisabeth Margue**
**Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

**Objet** : Pétition n° 2951 – gratis ë.T. a gratis Grenziwwergang FR DE BE

Madame la Ministre déléguée,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la prise de position du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, concernant la pétition N° 2951 de Madame Anouk Feyenklassen, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Madame la Ministre déléguée, l'expression de mes sentiments distingués.

**Yuriko Backes**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247 93308

**Stellungnam vun der**
**Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten,**
**zu der Pétitioun 2951 vum 11. November 2023 vun der Madamm Anouk Feyenklassen**
**betreffend 24/24h gratis ëffentlechen Transport a gratis Grenziwwergang a Frankräich,**
**Däitschland esou wéi d'Belsch**

D'Verantwortung fir d'Organisatioun an d'Finanzéierung vum ëffentlechen Transport läit an der Kompetenz vun den eenzelen Staate. Aktuell gëtt et dowéinst keng Pläng vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den gratis ëffentlechen Transport bis an d'Ausland fir grenziwwerschreidend Pendler unzebidden.

Fir dass d'Pendler mee awer och all aner Autosfuerer op d'ëffentlech Transportmëttel zeréckgräifen ass d'Qualitéit vun der Transportoffer entscheedend, net d'Käschte vum Ticket. Ënner Qualitéit vun der Transportoffer versteet sech: zouverlässeg Fuerzäiten a Verbindungen, attraktiv Destinatiounen, komplett Passagéierinformatiounen a bequem Transportmëttel. Dëst sinn all bestëmmend Faktoren fir éischter op den ëffentlechen Transport a manner op den Auto zeréckzegräifen fir op d'Aarbecht ze fueren.

Fir sou eng qualitativ an héichwäerteg Offer ze schafen, brauch et substantiel Investissementer. Dat mécht de Grand-Duché op sengem Territoire an och bei sengen Noperen. D'Paräiser Absichtserklärung zum Beispill leet Investitiounen an d'Infrastruktur op der anerer Säit vun der Grenz a Frankräich fest. D'Cliente vun der Bunn sollen esou an Zukunft eng besser Offer ugebueden kréien.

Den 29. Februar 2020 ass een hei am Land vun enger Subventioun vun Transportbilljeeën vun 90% (oder souguer 94% fir d'Bussen) op 100% gaangen. Domadder gouf den ëffentlechen Transport um lëtzebuerger Territoire gratis. Dëst hat awer net als Konsequenz, dass dës zousätzlech Subventioun (an der Gréisstenuerdnung vu 40 Milliounen Euro ) zum Nodeel vun den Investitiounen an der Qualitéit vun der Transportoffer gewiescht wier. Sie wier och an all eise Nopeschlänner wesentlech méi substantiel. Déi Zommen, déi vum Staatsbudget oder indirekt vum Steierzueler iwwerholl misste ginn, wieren héich an natierlech och ofhängeg vun der Ënnerstëtzung aus deenen aneren Nopeschlänner.